N°7043
Entrée le 21.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Den 18ten Oktober huet am Cercle Cité een Evenement vum Mobilitéitsministère zum Thema "Eng aner Mobilitéit fir liewenswäert Stied" stattfonnt. Am Virfeld vun dësem Evenement gouf Reklamm fir d'Buch vun enger vun de Riednerinne via de Mobilitéitsministère gemaach. Et goufen eng Affiche a Social Media Posts vum Buch duerch de Ministère verbreet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Ministère d'Affiche mam Titel "So geht Mobilität für alle" intern hiergestallt oder Externer fir dës Affiche bezuelt? Wa jo, wat war hei de Käschtepunkt?
2. Wou gouf dës Affiche iwwerall vum Ministère publizéiert?
3. Huet de Ministère Geld investéiert, fir dëst Buch per Social Media Ads ze pushen?
4. Wat waren d'Krittären, no deenen entscheet gouf, fir dëst Buch ze fërderen?
5. Gouf d'Autorin vum Buch vum Mobilitéitsministere fir d'Publicitéit vum Buch oder d'Participatioun um Evenement am Cercle Cité bezuelt?
6. Kritt de Staat een Deel vun der Provisioun pro verkaaftent Buch?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten